


D'Kontributioun vun eiser Finanzplaz zum Wuelstand vu Lëtzebuerg.

Mir hunn dat all schonn oft héieren: Zu Lëtzebuerg leeft et sech gutt. Et ass ee relativt räicht Land, sécher, familljefrëndlech, mat generéise Gehälter, mat wéineg Staatsschold a mat engem AAA-Rating wat d'Gesondheet vu senge Staatsfinanzen ugeet. Heiheem gëtt et dann och eng éischter positiv Aussicht op d'Entwécklung vu der Wirtschaft. **Mä wéi koum eist Land zu all deem?** A wat huet dem Staat erlaabt fir deen héijen Niveau vu Liewensqualitéit a wirtschaftlecher Stärkt opzebauen an ze halen, un dee mir eis zënter hir gewinnt hunn? D'Äntwert läit haaptsächlech an eiser Finanzplaz. **D'Finanzplaz bezilt all Joer bis zu 4 Milliarden €⁽¹⁾ u Steieren an Taxen un de Lëtzebuenger Staat!**

D'Finanzplaz als Ganzes dréit am meeschten, mat 31%, zur Wirtschaftsentwécklung vu Lëtzebuerg bäi⁽²⁾. D'Finanzplaz an hir Servicer maachen och dass déi aner Secteure vun eiser Wirtschaft direkt oder indirekt wuessen, wéi zum Beispill de Bausecteur, de Catering, den Eventementiel an aner Déngschtleeschungen. Fir all Euro deen zu Lëtzebuerg an der Finanzwelt produzéiert gëtt, leeft nach en hallwen Euro en plus direkt an déi lokal Economie⁽³⁾. **Dobäi beschäftigt d'Finanzplaz Lëtzebuerg als Ganzes „just“ 12% vun den aktiver Bevëlkerung zu Lëtzebuerg⁽⁴⁾.** Dat si ronn 51.000 Leit. Domadder ass si deen effizientste Secteur vun der Lëtzebuenger Economie⁽⁵⁾.



- D'Finanzplaz bezilt all Joer bis zu 4 Milliarden € u Steieren an Taxen un de Lëtzebuenger Staat
- D'Finanzplaz als Ganzes beschäftigt ronn 51.000 Leit, dat sinn 12% vun den Aktiven
- D'Finanzplaz dréit mat 31% zur Wirtschaftsentwécklung vu Lëtzebuerg bäi an ass domat deen gréissten Einzelsecteur vun der Lëtzebuenger Wirtschaft

D'Finanzservicer si vital fir dass dat ekonomesch Liewen dréint. Si erlaben de Betriber Geld ze kréie fir sech ze developpéieren, aner Mäert ze gewannen an innovativ ze bleiwen. D'Finanzservicer si wichteg fir Kreditter déi mir an eise deegleche Liewe brauchen, fir eis Versécherungen an eis Pensiounspläng, eis Leasingskontrakter a villes méi. Si sinn och vital fir eis Regierung, wéi zum Beispill an Zäite vu Coronavirus; de Staat kann esou méi einfach Suen um internationale Marché léinen. D'ekonomesch Hëllefsmesüre ginn dann direkt iwwert eng Staatsobligatioun finanziert.

Zu Lëtzebuerg mécht de rene Banking awer just 50% vun der Finanzplaz aus. Déi aner 50% setzen sech aus Investmentfongen, Versécherungen, Verméigensverwaltung, Kapitalmäert, Fintech an enger helle Wull anere Servicer, wéi Berodung, Etüden (Affekoten), Auditeuren, IT... zesummen⁽⁶⁾. Si maachen dass eis Wirtschaft heiheem weiderhin e grouse Succès kennt. Mä d'Finanzplaz ass awer net nëmmen e lokalen Acteur fir Lëtzebuerg. Eis Finanzplaz exportéiert och grenziwwergräifend Servicer ronderëm d'Welt. Firne profitéiere vun der stabiller a gesonder Lëtzebuenger Politik an Economie fir vun hei aus hiren internationale Business ze realiséieren.

- Lëtzebuenger Investmentfonge ginn an 78 Länner an der Welt verkaaft⁽⁷⁾
- Et ginn 126 Banken zu Lëtzebuerg, aus 27 verschiddene Länner⁽⁸⁾
- Iwwert 90% vun de Lëtzebuenger Liewensversécherungskontrakter gi weltwäit verkaaft⁽⁹⁾
- Lëtzebuerg huet e grouse Pool vun Talenter (linguistes, legal a kulturell) a kann deemno Clienten aus der ganzer Welt zerwéieren

(1-6) The State of the Financial Sector in Luxembourg, Luxembourg for Finance, 2018 data
(7) Global Fund Distribution Poster 2020, PWC, Q4 2019 data
(8) Number of banks per country of origin, CSSF, August 2020 data
(9) Banque Central de Luxembourg, Statistics table 11.6, July 2020 data